

Wann ee vum Michel Lucius an der Lëtzeburger Reesliteratur schwätze wëllt, da muss e wuel fir t'fisch emol e puer Wuert soen iwert eis Reesliteratur.

Et schingt gewëss nët jidderengem bei eis evident, datt mer esou eppes wéi Reesliteratur hun — wéi jo en général dem Lëtzeburger eis Literatur oft genuch räichlech onbeschriwwe Blieder sin (ma dee Problem wär en Exposé fir sech wert).

1

Jo, mir hu Reesliteratur — a mir hun esouger eng ganz zolitt Tradition an der Reesliteratur.

Reesliteratur, dat ka munneches sin: Bréiwer vun der Rees, e Journal, eng soziologisch Analyse, tourestesch Beschreibungen, literaresch Portrait vum Landschaften a Leit, Expéditionsberichte, Mémoires vun Diplomaten, Missionsleit oder Militärforschungsstudien vu Geographen a Geologen...

Gewëss as d'Reesliteratur an eisem Zäitalter vu Film, Televisioun a Video nët méi esou populär — besonnesch bei engem méi breede Public — wéi fréier. Ma an de leschte Joren gët et nawell e méi breede Public wéi fréier. Ma an de leschte Joren gët et nawell nees vill bekannte Schrëftsteller, déi enner anerem och Reesliteratur schreiwen, an och d'Chiffres de vente vun der sougenannter Sachliteratur iwert fir mien Länner geet nees staark an d'Luucht.

Biller eleng schingen eben nët duerzegoen, fir e Land ze beschreiwen. D'Schreiwen an deem Prozess vun Beschreiwen, d'Wuert, den Text, d'Buch bleiwen nouwenneg och — a grad — an enger Zäit vum (wéi ech mengen iwwerdrivwene) Billergerätschers.

2

De Michel Lucius war e Mann vun der Science exacte. Dofir looschen ech hei op der Sait eis Schrëftsteller, Journalisten, Moler an all déi Flaneuren, déi gereest sin an iwwer hir Reese geschriwwen hun. Ma déi dichtegst Kollegen vun Michel Lucius, Leit aus der Naturwissenschaft wéi hien, déi eise Patrimoine vun der Reesliteratur beräichert hun, well ech kurz erimmen. Do sin als wéi keng Leit:

- den *Nicolas Bové*, e Botaniker, deen 1830 am Viischten Orient reest;
- den *Nicolas Funck*, och Botaniker, deen ongefieër zur selwechter Zäit a Mëttele- a Südamerika enner Wee as;
- de *Jules Linden*, och hien e Botaniker, deen — zum Deel mam Funck — a Mëtteleamerika as;
- de *Frantz Majerus*, e Chimist, géint der Mëtt vum 19. Joerhonnert a Mexico;
- de *Guillaume Capus*, en Ethnolog, deen an der 80er an 90er Joeren am Kasakstan, a Kirgisien, am Afghanistan reest;
- de *Leopold van Werveke*, e Geolog, op Sumatra a Java;
- den *Eugène Ruppert*, e Schmelzingerieur, em d'Joerhonnertwenn a China;
- de *Joseph Hackin*, en Archäolog, an den 20er an 30er Joeren am Afghanistan;
- den *Edouard Conzémus*, en Anthropolog, a Mëtteleamerika.

Well Lëtzebuerg natierlech keng Kolonien hat, keng militäresch Präsenz an der Welt markéiert huet, laang Zäit keng an dono wéineg economiche Interessien dobaussen ze verdeeden hat, dofir as et nëmme normal, datt mer eis Leit eremfannen am 19. Joerhonnert op belschen Expéditionen (wéi de Funck, de Linden), op franséischen Expéditionen (wéi de Capus), datt mer se eremfannen an den hollänneschen Kolonien — haut Indonesien (wéi

Mars Klein

de van Werveke), am 20. Joerhonnert nees op franséischen Expéditionen (wéi den Hackin), am belsche Congo, an den däitsche Kolonien — oder um internationalen Zeitungsmarché (wéi de Charles Troeller, deen als Journalist wuel nët ganz heihinner passt, un deen ower kurz erënnert soll sin).

3

Wäit aus dat meescht, wat de Michel Lucius iwert friem Gegende geschriwwen huet, as geologesch Fachliteratur. Ech zitieren hei als Beispill: „La genèse des gisements de fer de la Turquie“ oder „Alpenwanderungen“. Ma op enger Partie Saiten fanne mer och méi allgemengphilosophesch a kulturhistoresch Notizen. Si soen eis, wéi de Michel Lucius d'Reesen, säi Reese gesin huet.

De Michel Lucius war — bis an déi spéit 20er Joeren — emmer nees am Viischten Orient, besonnesch an der Région tëscht dem Schwarzen an dem Kaspesche Meer. De Petrol, d'Eisen an d'Kuel war séng Sujeten. Russland — no 1917 d'Sowjet-Union — an d'Türkei war séng Aarbechsterainnen.

Esou schreiw de Michel Lucius: „Rund 20 Jahre eines Lebens gingen hin in geologischer Tätigkeit im Kaukasus und in Kleinasien.“

Als praktisch tätiger Geologe hatte ich im Kaukasus als Berater der Erdölindustrie und in Kleinasien als Mitarbeiter einer Regierung, die ein lang vernachlässigtes Land in den Kreis europäischer Kulturentwicklung einschalten will, meistens in den entlegensten Gegenden dieser Landesgebiete zu tun.“

Reesen — zu sénger Zäit, an dene Gebidder — zu geologeschen Zwecker: dat war natierlech eppes komplett Aneschtes verglach mat deem, wat mir enner modernem Gerees verstän. Dat war, vun der Dauer hier, laang Reesen — keng kurz an ower wäit Spréng mat engem Flijer; dat war beschwierlecher Reesen — keng Touristevakanzen; dat war wéissenschaftlech Expéditionen — keng iwwerflächlech Déplacementer an eng friem Zivilisatioun. De Michel Lucius schreiw:

„Das Reisen zu Pferde in kleiner Karawane, bei jeglichem Wetter, in vielfach schwierigem Terrain, oft auf steilen Bergpfaden oder in schwer zugänglichen Tälern, der ständige Aufenthalt im Zelt, dazu die primitiven Lebensverhältnisse dieser entlegenen Gegenden, hat gewiss seine Beschwerden und setzt gute Gesundheit und eine gewisse Ausdauer voraus. Aber neben der Freude am Berufe gewährt das Aufrollen immer neuer Landschaftsbilder, das Beobachten unverfälschten Volkstums doch reiche Entschädigung für die Mühen.“

4

Datt op denen oft méintelaange Reesen d'Gefüll vun Isolatioun, vun Elengsin huet misst opkommen, schingt normal. Ech zitieren:

„Unertaglich heiß kann es im Sommer im Hochlande und besonders in der kaspischen Senke werden.

De Michel Lucius an der Lëtzeburger Reesliteratur

Eng Erënnung un e bedäitende Lëtzeburger Geolog



Michel Lucius

Aber die niederdrückendsten Tage erlebt man, wenn man in der Regenzeit im pontischen Waldgürtel am Schwarzmeerrand oder im Waldgebiet des Taurus oder der Kaukasusvorberge weilt und der Regen mit gleichmäßiger Wucht tagelang aufs Zelt trommelt und die Äquinoxtialstürme immer neue Nebelmassen über die tiefenden Wälder wälzen. Dann besonders stellt sich das Gefühl der Einsamkeit niederdrückend ein, man empfindet so deprimierend das Alleinsein, daß es aller Willensstärke bedarf, um mutig durch diese Tage hindurchzukommen und daß die Verdrossenheit nicht überhand nehme.

Aber nicht bei dieser, sondern bei der beruhigenden Einsamkeit, welche die Gedanken erhebt und beflügelt, welche mir so oft eine freundliche Begleiterin war, möchte ich etwas verweilen. (...)

Eigentümlicher Weise, wer längere Zeit in diesen Gegenden gelebt, die tiefe Einsamkeit des Tages und die noch tiefere der wunderbar gestirnten Nacht empfinden hat, dem wird hier eine herbe Schönheit offenbar, welche die Seele weit und zu höheren Betrachtungen in einer läuternden und beruhigenden Einsamkeit anregt.

Dann ziehen, wenn man abends vor dem Zelte sitzt, und die Sonne hinter den flachen Kuppen der dunklen Eruptivgesteine versinkt, die Gedanken durch die lange Spanne der Wanderjahre hin und die Einsamkeit wird zu einem köstlichen Erlebnis.“

Et goufen also — esou selbstverständlich wéi d'Déceptionen — och d'Satisfactiounen: d'Satisfactioun, déi éjhe Perséinlechkeet grad durch d'Elengsin kloer z'erfaassen. Dann, nët ze vergiessen, d'Satisfactioun vu Scientifique, vum Chercheur, dee séng geologesch Carnetën gespickt wuel kruit op all dene Wanderungen. Datt d'Geologie iwwrengs bis an déi méi literaresch Texter eraspillt huet, dofir dëst klengt Beispill:

„Die Höhen um Erzerum bestehen aus tertiären Ergußgesteinen, das breite, flache Tal ist mit jüngerem Tertiär erfüllt. Die Straße steigt über eine Bodenschwelle und dann hinunter in den flachen Talboden

von Hassan-Kale, der nach dem Aras (Araxes) hin entwässert. Das wenig gegliederte breite Tal ist ein typisches Einbruchstal. Auf den Spalten, welche den Grabenbruch begrenzen, steigen zahlreiche heiße Quellen auf, die z. T. mit Petroleumspuren vermischt sind. Überall sieht man die Ruinen, welche das letzte Erdbeben von 1924 hier geschaffen hat. Dunkle, vulkanische Kuppen umrahmen das Tal.“

Ma de Michel Lucius war e Mann, deen niwiel all sénger Facharbecht och d'Zivilisatiounen an d'Kulturen vun dene Gegenden, duerch déi e gereest as, nët nëmme gesin, ma gekuckt huet:

„Meine Gedanken schweifen um mehr als zwei Jahrzehnte zurück, zu einer Fahrt auf der Wolga von Nijni-Novgorod nach Astrakhan. Fünf Tage dauerte damals die Fahrt auf dem stellenweise 4 km breiten Strome. Rechts erhebt sich das steile, bewaldete Bergrufer, links dehnt sich die endlose Ebene des Ostens aus, die bis an den Grenzwall des Urals zieht. So ruhig fließt meistens der mächtige Strom, daß man kaum die Bewegung des Schiffes fühlt. Blauer, wolkenloser Septemberhimmel spannt sich hoch über das Bild, das in seinen einfachen Linien gewaltig wirkt. Langsam gleitet die Sonne hinter die Wälder des Bergrufers, wirft Gold auf die Wälder, auf die Zwiebeltürme einer Kirche und webt Goldbänder in die Wasser des mächtigen Stromes. Aus der Tiefe des Schiffes ertönt ein Abendlied der russischen Bauern, begleitet von prachtvollen Bässen. Es wird zu einem gesungenen Gebet, das zu einem Bestandteil der überwältigenden Harmonie wird, die aus russischer Landschaft, Fluß, Himmel und Sprache gewoben ist. Der Mujik, der vom Nichtkenner des Landes und der russischen Seele als minderwertig bezeichnet wird, hat einen unerschöpflichen Schatz von Volksliedern mit so dem Milieu angepaßten Melodien und in welche die ganze russische Seele so hineingewoben ist, daß sie dem, der sie in der russischen Einsamkeit gehört hat, unvergesslich bleiben. Nicht in fremder Umgebung oder in Konzertsälen, nein, über dem mächtigen Strome, den die Russen « Mütterchen Wolga » nennen, über der Unendlichkeit der russischen Steppe, muß

Dës Erënnung un de Michel Lucius war e Bäidrag fir den 20ten Anniversaire vum „Lycée Technique Michel Lucius“ un Lampertsbierg, den 18. Dezember 1986.

man die russischen Lieder gehört haben. Dieses untrennbare Ganze von russischer Seele, Sprache und Landschaft muß man erfaßt haben, um das scheinbar so widersprüchliche Wesen der östlichen Mentalität zu begreifen.“

5

Reesen, fortgoen, anzowusch aneschit higoen, anzowusch aneschit wéi doheem sin: as nët jidderengem déi ganz speziell Dialektik vu Friem an Heemecht op de Reesen am Kapp?

An engem Text vum Frantz Majerus, deen am Määrz 1851 um Pic Orizaba a Mexico steet, fanne mer déi heite Sätze:

„Nach zweistündigem Aufenthalt auf der Spitze des mexicanischen Riesenvulkans warfen wir einen letzten Blick in die weiten, für das menschliche Auge in eine allgemeine bläuliche Farbe verschwimmenden Fernen. Wir übersahen die uns endlich groß erscheinenden Wasserflächen, welche der Horizont von Nordosten über Osten hinweg bis Südosten begrenzt, und gedachten der lieben Heimat, die hinter diesem Horizonte, ja hinter hunderten von dergleichen Horizonten sich befand.“

De Michel Lucius erënnert sech ennerwe esou un d'Heemecht:

„Es ist Abend. Die Zelte sind an einer lichten Stelle im Walde aufgeschlagen, das Abendessen ist eingenommen, die Tiere angekoppelt. Die Leute geben in ihr Zelt. Ich sitze noch vor meinem Zelte, habe mir ein Feuer anzünden lassen und blicke träumend dem Scheine der Flammen nach, die zwischen den Baumstämmen hin und her blinkt.“

Es ist heute der Allerheiligenabend. In meinem Heimatdorf, am Rande des Öslings, stehen jetzt meine Geschwister am Familiengrab (dort ist es jetzt halbvier Uhr). Dort in der Erde ruhen sie, die mir Vorfahren sind, schweigsame, arbeitsame Bauern, eng mit der Erde verwachsen, mit all den Tugenden und Eigenarten der Bauernrasse. Hier in der Einsamkeit, so allein mit mir selbst, wird mir so recht klar, wie ich trotz anderem Bildungsgang und anderem Lebensweg in engem Zusammenhang mit ihnen bin. Hier in diesem Lande, wo das von den Vätern Verehrte und Hergebrachte noch die Kraft eines ungeschriebenen Gesetzes hat, fühle ich wie wertvoll diese Kontinuität mit dem Vergangenen ist, was wir ja als Tradition bezeichnen.“

Ma ier mer elo zesummen — esou kurz virun de Feierdeeg — an eng Heemchtsnostalgie falen a waméiglech ufänken, mam Mechel Lentz greitsch: „Heem, heem, heem — a mäi Land, a mäin Himmel“ ze sängen, séier — zit fu gudd Schluss — en anert Firum vu Michel Lucius:

„Wenn ich heute im Herbste des Lebens diese zwanzig Jahre übersehe, dann sage ich: es waren Tage, die der Mühe des Lebens wert waren.“

Es mag angenehm sein, jeden Abend sein Bier zu schlürfen und in seine Pantoffel zu schlüpfen. Aber mehr Genugtuung verschafft es doch, nachts inmitten der Einsamkeit im Schlafsack unter dem Zelte zu ruhen, Tage, ja Wochen lang den Gaul zwischen den Schenkeln zu haben, und den Mühen und Wagnissen ruhig ins Auge zu sehen. An sich ist das Leben leer, es gewinnt erst Inhalt, wenn man durch eigene Kraft ihm selbst Inhalt gibt.“

6

Wou ech an enger Schoul a viru Leit schwätzen, déi fir eis Schoul engagiert sin, erlaben ech mer deen heite Postscriptum: Wa mer hei zu Lëtzebuerg eng Keier esou wäit sin, datt mer eis éjhe Literatur mat deem néidegen Engagement enseignieren, a wa mer dann och vun der Tradition vun eiser Reesliteratur schwätzen, da wärten — denken ech — eis Schoulleit nët vergiessen, un de Michel Lucius z'erënnere. Bis dat mat eiser Literatur ower esou wäit as, wärten hoffentlech elo schons eis Enseignantën fir Geographie, Geologie a Chemie un de Michel Lucius erënnere.

Eng fest — a sennvoll — Erënnung as him — an eis — jo secher, an dat as dëst Schoulgebi, dat no him genannt as. An dat as gudd esou.